N°3498
Entrée le 21.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur, Justiz & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Vill verschidde Situatiounen kënnen zu engem Placement vum Kand féieren, wou de Placement ëmmer déi lescht Moossnahm ass, déi geholl gëtt. Am Kader vun enger rezenter parlamentarescher Fro n°3190 hunn d'Ministeren mer Zuehlen an Informatiounen zu de Signalementer a Placementer am Beräich vum Jugendschutz geliwwert.

Mengen Informatiounen no ass et an der Vergangenheet och schonn zu Placementer komm, opgrond dovunner, dass Familljen hir Wunneng verluer hunn an d'Elteren net direkt relogéiert kënne ginn. Dëst ass zum Beispill de Fall vu Locatairen bei engem Déguerpissement, wou dacks eng Persoun vum Office social präsent ass, déi d'Situatioun begleet an eng temporär Plazéierung organiséiert.

Fir déi betraffe Familljen bedeit dëst eng duebel Belaaschtung: Nieft dem Verloscht vun der Wunneng ginn si och temporär vun hire Kanner getrennt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann et zu engem Placement kommen, just doduerch, dass eng Famill hir Wunneng verléiert oder aus enger Wunneng erausgeheit gëtt (Déguerpissement)?

2. Geet de Verloscht vun der Wunneng duer oder mussen nach aner Krittären erfëllt sinn, déi de Placement vum Kand legitiméieren?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. A wéi vill Fäll koum et an de leschte Joren zu enger Plazéierung vu Kanner (Mesures de garde provisoire du tribunal de la jeunesse) am Zesummenhang mat engem Déguerpissement oder Wunnengsverloscht vun den Elteren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten